Ëmmer erëm begéint een iergendwelleche Konschtkritiker déi behaapten ze wëssen, wat de Kënschtler fillt. Mä wei soll iergendeen Konschtstudent dat erausfannen? Ob dem Moler seng Stëmmung wierklech schlecht war, huet net vill mat der Faarf vum Himmel ze dinn. An awer musse Schüler vum Fach Konscht Theorië léieren. Béi deene gëtt dann einfach iergendeng Meenung vum Proff auswenneg geléiert. Dass net jiddereen eng Molerei selwecht interpretéiert, interesséiert keen. Zudeem vergiesse vill Professere vun der Konscht och oft, dass verschidde Portraiten einfach net dofir gemaach goufen. Eng Molerei vun engem King aus dem 12. Joerhonnert huet einfach net ëmmer eng Bedeitung. Villäicht wollt den Herrscher vum Land sech och einfach nëmme méi oft gesinn.

Mä natierlech sinn des Analyse vu Molereien net ëmmer schlecht. Se ginn iergendwellechen onwichtege Leit d'Méiglechkeet fir vill ze schwätzen ouni vill ze soen. Jonker ob den Universitéiten sollen déi Schwätzereie vun hire Professeren da gleewen. Sou verbreeden sech des onwichteg Informatiounen ëmmer weider. An ob ee mol huet een Bild wat mat vill Méi an Iwwerleeung gemoolt gouf, eng ganz aner Bedeitung. Trotz der ganzer Ustrengung vum Kënschtler mécht sech awer sos kee méi d'Aarbecht fir säi Gehir selwer unzeschalten.

Awer och fir Geld ze verdéngen, ass des Occupatioun ganz hëllefräich. Et kuckt een sech einfach d'Aarbecht vun engem aneren un. Et probéiert een iergendwellech Formen an der Molerei ze fannen déi kéinten ee verstoppte Message hunn. Dann geet een seng Geschicht deier verkafen a schonn huet een eng unerkannt Aufgab geschriwwen.

Déi Interessant Aufgab vum Konschtkritiker ass also eng relativ gutt Erfindung vun der Mënschheet.